N°3853
Entrée le 30.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 31.03.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet, Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

An der Chamberssitzung vum 18te Mäerz gouf iwwert Éiwegkeetschemikalien diskutéiert, déi sech zënter Jorzéngten onbemierkt an eisem Grondwaasser a Buedem ugesammelt hunn an extreem schiedlech fir eis Ëmwelt an eis Gesondheet kënne ginn.

Dës Gëftstoffer si bal iwwerall erëmzefannen a bal all Mënsch dréit se a sengem Kierper, well se iwwert d'Ernärung an d'Waasser an de Kierper gelaangen.

Den Ëmweltministère hat dozou schonns eng Analyse gemaach an een éischte Rapport publizéiert. Op der Säit 14 vum Rapport kann ee liesen, dass ronn 30 Waasseren mat TFA belaascht sinn. De Problem betrëfft also och Waasser, dat a Fläschen am Supermarché verkaf gëtt, ma de Rapport geet net dorobber an, wéi eng Quellen aktuell net belaascht sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass gewosst, wéi eng Quellen Waassermarken mat lëtzebuergescher Origine mat PFAS oder TFA belaascht sinn a wéi eng net?
   Kënnen d'Ministeren soen, wéi eng Sourcen belaascht sinn?

2. Ass gewosst, wéi eng Waassermarken mat lëtzebuergescher Origine mat PFAS oder TFA belaascht sinn a wéi eng net?
   Kënnen d'Ministeren soen, wéi eng dat sinn?

3. Wéi hu sech d'Konzentratiounen u PFAS oder TFA am Drénkwaasser iwwert d'Studiejoren

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

verännert? Falls et dozou nach keng Entwécklung gëtt, wäert dëst ab elo suivéiert ginn, ugesiichts vum Ausmooss, deen dës Chemikalien op eis Ëmwelt a Gesondheet kéint hunn?

4. Existéieren hei am Land Fuerschungsprojeten , fir PFAS aus der Ëmwelt erauszefilteren? Falls jo, wéi eng, a wéi eng national Recherche-Institutioune sinn heirunner bedeelegt? Ënnerstëtzt Lëtzebuerg och europäesch an international Initiativen an dësem Beräich?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°3853 vum 27. Mäerz 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert d' "PFAS dans les eaux potables"**

**1. Ass gewosst, wéi eng Quellen Waassermarken mat lëtzebuergescher Origine mat PFAS oder TFA belaascht sinn a wéi eng net? Kënnen d'Ministeren soen, wéi eng Sourcen belaascht sinn?**

**2. Ass gewosst, wéi eng Waassermarken mat lëtzebuergescher Origine mat PFAS oder TFA belaascht sinn a wéi eng net? Kënnen d'Ministeren soen, wéi eng dat sinn?**

Déi Lëtzebuerger Quelle fir d'Offëlle vu natierlechem Mineralwaasser oder Quellewaasser, dat fir de Konsument bestëmmt ass, ginn zanter 2022 reegelméisseg op PFAS an zanter 2025 och op TFA kontrolléiert. Bei dëse Kontrollen ass ni e PFAS nogewise ginn.

Wat den TFA ubelaangt, gouf dësen a 4 vun de 6 lëtzebuergesche Quellen, déi fir d'Produktioun vu Mineral- oder Quellewaasser benotzt ginn, nogewisen. D'Konzentratioune vum TFA si bekannt a stellen aus Siicht vun der Liewensmëttelsécherheet kee Risiko duer.

Ënnert dëse Konditiounen an am Aklang mat der europäescher Reglementatioun ass et net néideg, spezifesch Informatiounen iwwer déi betraffe Quellen oder Marken ze kommunizéieren.

All Informatiounen zu de Kontroll-Campagnen vu Mineral- a Quellewaasser sinn um Portail vun der Liewensmëttelsécherheet ze fannen.

**3. Wéi hu sech d'Konzentratiounen u PFAS oder TFA am Drénkwaasser iwwert d'Studiejoren verännert? Falls et dozou nach keng Entwécklung gëtt, wäert dëst ab elo suivéiert ginn, ugesiichts vum Ausmooss, deen dës Chemikalien op eis Ëmwelt a Gesondheet kéint hunn?**

Aktuell huet d'Waasserverwaltung (AGE) nach nëmme begrenzt Erfarunge mat der Verschmotzung vum Waasser duerch sougenannten "éiweg Polluanten".

Am Drénkwaasser ginn d'PFAS säit e puer Jore quantifizéiert. Déi éischt Miesscampagnë goufe vun der AGE tëscht 2021 an 2023 organiséiert, fir eng éischt Iwwersiicht iwwer d'Konzentratioune vu PFAS an de lëtzebuergeschen Drénkwaasserressourcen ze kréien. De SEBES, deen d'Hallschent vum Drénkwaasser zu Lëtzebuerg iwwert den Uewersauer Stauséi liwwert, moosst zanter Mee 2023 reegelméisseg PFAS am Kader vu sengem Monitoring.

Iwwer déi verfügbar Period konnt keng kloer Tendenz an der Verschmotzung vum Drénkwaasser duerch PFAS festgestallt ginn. Déi ganz grouss Majoritéit vun de Prouwen enthält guer keng Spuer vu PFAS. Heiansdo goufen awer Quantitéiten an der Gréisstenuerdnung vun e puer ng/L oder e puer Zéngdausendstel ng/L an eenzelne Prouwe nogewisen.

Den TFA gëtt am Drénkwaasser zanter Enn 2023 quantifizéiert. D'Analyse vum Waasser vum SEBES weisen eng Tendenz zu enger Erhéijung vun der TFA-Konzentratioun am Waasser. Allerdéngs erlaabt déi kuerz Observatiounszäit et nach net, fir festzestellen, ob dës Entwécklung dauerhaft ass oder éischter op e järlechen oder méi-järlechen Zyklus zeréckzeféieren ass, dee vu ville Facteuren ofhänkt, dorënner hydrometeorologesch Konditiounen.

**4. Existéieren hei am Land Fuerschungsprojeten, fir PFAS aus der Ëmwelt erauszefilteren? Falls jo, wéi eng, a wéi eng national Recherche-Institutioune sinn heirunner bedeelegt? Ënnerstëtzt Lëtzebuerg och europäesch an international Initiativen an dësem Beräich?**

De präventive Schutz vun den Drénkwaasserressourcen duerch Drénkwaasserschutzzonen muss notamment laut Artikel 7.3 vun der europäescher Wasserrahmenrichtlinn (2000/60/CE) prinzipiell ëmmer enger zousätzlecher kurativer Opbereedung vum Waasser virgezuginn. Eng Opbereedung vum Waasser ass technesch a finanziell ganz oft net machbar, huet e groussen Impakt op Ëmwelt an e signifikanten Impakt op de Waasserpräis. Fir déi verschidden Aarten vu PFAS ginn et ënnerschiddlech Opbereedungstechniken. Sou kënnen TFA nëmmen duerch eng Umkehrosmose (Equivalent vun der Opbereedung vun Drénkwaasser aus Mierwaasser) traitéiert ginn.

Lëtzebuerg, de 4. Mee 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau